# *RENNBERICHT LIGA 1*

## *SAISON 12 - COURSE 2 – SINGAPUR*

### Antrag 1: BlasterJaxx_22 vs. tNy. – Accident mat Schued

Kläger: BlasterJaxx_22
Ugeklooten: tNy.
Sujet: Accident mat Schued
Ronn/Kéier: Lap 30/Turn 15

An Turn 14 kritt den BlasterJaxx_22 e Wheelspin beim Beschleunegen, wat et dem tNy. erlaabt, besser aus da Kéier erauszekommen. Beim Ufueren op Turn 15 probéiert den tNy. e baussenzegt Iwwerhuelmanöver. Dobäi kënnt et zu enger Touchette tëscht deenen zwee Piloten. Den tNy. trëfft de BlasterJaxx_22 hannenriets, wat dozou féiert, dass dësen d'Kontroll iwwwer säin Auto verleiert, riets an d'Mauer rutscht a Fligel- an Pneueschued kritt.

**Entscheedung vun den Stewards:**

D'Stewards hu sech – baséiert op Reegelbuch Punkt 6.5 (*Schold un engem Accident + Schued*) – dozou entscheet, dem tNy. eng Zäitstroof vu 10 Sekonnen an 1 SP ze ginn.

Den tNy. kënnt duerch de Wheelspin vum BlasterJaxx_22 mat Iwwerschoss un dësen erun. De BlasterJaxx_22 bleift an Turn 15 kloer op da Rennlinn, wärend den tNy. e Versuch mécht, riets ze iwwerhuelen. Duerch dësen optimisteschen Manöver kënnt et zur Bereierung tëscht béide Piloten, mat entspriechenden Negativeffekt fir de BlasterJaxx_22.

## Antrag 2: Stewards vs. J25nyy – Iwwerronnten Fuerer net laanscht geloos wärend da SC-Phase

Kläger: Stewards
Ugeklooten: J25nyy
Sujet: Iwwerronnten Fuerer net laanscht geloos wàrend da SC-Phase
Ronn/Kéier: SC-Phase Lap 25-28

Wärend da SC-Phase an den Ronnen 25-28 befënnt den DenSchnutz hannert dem Spëtzetrio It'sMeDio, Brickz an J25nyy, déi hien all iwweronnt hun. Obwuel d'Reglement virgesäit, dass iwwerronnten Autoe sech zréckiwweronne (unlap) dierfen, gëtt dem DenSchnutz dës Méiglechkeet net erméiglecht, well den J25nyy him kee Raum léisst, fir laanschtzefueren.

**Entscheedung vun den Stewards:**

D'Stewards entscheede sech – op Basis vum Reegelbuch Punkt 6.10 (*SC-Phase – Verhalen – Iwwerronnte Fuerer mussen laanscht gelooss ginn*) – dem J25nyy 3 SP ze verginn.
Et war genuch Zäit iwwert dräi Ronnen, fir eng Plaz ze fannen, wou den DenSChnutz hätt kéinten laanschtegelooss ginn. D'Net-Erméigleche vun dësem Prozess gëtt als Verletzung vum Verhalenscode während der SC-Phase gewäert.

## *Umierkungen vun den Stewards:*

Zum Schluss wëlle mir iech all nach eng kleng Erënnerung mat op den Wee ginn: Liest iech w.e.g. nach eng Kéier gréndlech d'Reegelbuch duerch. Domat vereinfach dir net nëmmen eis Aarbescht, mee suergt och dofir, dass dir selwer an all är Konkurrenten all Kéier eng fair an flott Course erliewe kënnen.

Mat där Course setzen mir Singapur an d'Geschichtsbicher, a kucken elo no vir op déi nächst Course am Land vum Karneval – Brasilien!

See ya in Interlagos!

***AER STEWARDS VUN DA LIGA 1 (DragonKing, Ricardo a Zoenen)***

## RESULTAT VUN DA COURSE:

| POS | FUERER | EQUIPE | ZEIT | ZEITSTROOF | SP / V | PKT |
|---|---|---|---|---|---|---|
| 1 | It’sMeDio | VCARB | 51:58.223 | | | 25+1+1 |
| 2 | Brickz | VCARB | +0.910 | | | 18+1 |
| 3 | J25nyy | Mercedes | +4.573 | | 3 SP | 15 |
| 4 | Capdo97 | Aston Martin | +9.000 | | | 12+1 |
| 5 | Feljo53097 | Kick Sauber | +15.499 | 3 Sek | | 10 |
| 6 | GRC_Schmatt91 | McLaren | +16.669 | | | 8+1 |
| 7 | Belethril | Haas | +17.360 | 3 Sek | | 6 |
| 8 | Blasterjaxx_22 | Kick Sauber | +19.408 | 3 Sek | | 5 |
| 9 | DevilOfSilence | Ferrari | +23.149 | 6 Sek | | 4 |
| 10 | tNy. | Williams | +35.117 | 10 Sek | 1 SP | 3 |
| 11 | F34RLuke13 | Williams | +59.110 | | | 2+1 |
| 12 | DenSchnutz | Aston Martin | +1 Ronn | 10 Sek | | 1 |
| 13 | BabyDriverDT | Mercedes | +3 Ronnen | 3 Sek | | 0 |
| 14 | Joe | Haas | DNF | | | 0 |
| 15 | RUBA253 | Red Bull | DNF | | | 0 |
| 16 | iBaDMonK3yy | McLaren | DNF | | | 0 |
| 17 | Ghostc30 | Alpine | DNF | | | 0 |
| 18 | Glenovic | Ferrari | DNF | | | 0 |
| 19 | | | | | | 0 |
| 20 | | | | | | 0 |

***Legend**: Zeitstroofen: + Zeitstroof vun den  Stewards / (...sek) Zeitstroofen von Codemasters / SP=Stroofpunkten vun deser Course, V=Verwarnung*

| | | |
|---|---|---|
| *Schnellsten Ronn:* | *It’sMeDio* | *1:30.249* |
| *Poleposition:* | *It’sMeDio* | *1:27.310* |

## STROOFPUNKTEN:

| *FUERER* | *STROOFPUNKTEN* |
|---|---|
| J25nyy | 3 SP |
| tNy. | 1 SP |
| | |
| | |
| | |
| | |
| | |

## UNMELLUNG STROOFPUNKTEN:

| *FUERER* | *STROOFPUNKTEN* |
|---|---|
| Kaiji | 1 SP |
| | |
| | |

## Anträg Count:

| *FUERER* | *Count* |
| --- | --- |
| BlasterJaxx_22 | 1 |
| | |
| | |
| | |
| | |
| | |
| | |

## Reklamation Count:

| *FUERER* | *Count* |
| --- | --- |
| | |
| | |

## Verwarnungen:

| *FUERER* | *Count* |
| --- | --- |
| | |